103.6    100.3

# Nationale Feierdag

Den 23ten Juni ass zou Lëtzebuerg den Nationale Feierdag – och Grossherzogsgebuertsdag genannt.

E Friemen oder och munnech Jugendlechen oder esou guer E'leren ~~ka~~ kenne sech froen wo kent dann dën Datum do hir. Zemols waun ins och nach desen Dag mat „Grossherzogsgebuertsdag" bezéchent. Dës Bezéchnung ass natierlech falsch, well de Grand Duc Jean ass den 5. Januar 1921 gebuer ~~gou~~. Awer dës Bezéchnung kent vum „Grossherzoginsgebuertsdag" obschon dest och net richteg ass, well Grande Duchesse Charlotte den 23. Januar 1896 gebuer war.

Dofir ass ~~wa~~ ~~ech~~ och ursprünglech „Grossherzoginsgebuertsdag" den 23 Januar gefeiert gin. Well awer, bal emmer un dese Januarsdäg d'Wieder schlecht a kaal war, ass dunn „Grossherzoginsgebuertsdag" einfach op den 23 Juni gefeiert gin, Datum em 6 Méint verréckelt, ~~gefeiert gin~~, an och offiziel als Nationale Feierdag bezéchent. Den éischten Nationale Feierdag, vun der dämoleger Regierung bestëmmt, war den 23. Jan. 1…

Elo awer firwat dese Sujet am Kader vun onse Sendungen „Diddeleng a schwéier Zeit" d'Geschicht vun der Lëtzebuerger Jugend am 2te Weltkrich." Mä einfach well de Grand Duc Jean, gebuer den 5. Januar 1921, och der Generatioun ugehéiert déi duerch d'Verordnungen vum Gauleiter Simon zwangsrekrutéiert gou~~fen~~. Allerdings gouf hien net zwangsrekrutéiert well hien den 10te Mee 1940 mat senger Famill d'Land verloos huet a sech esou dem Zougreff vun de Preisen entzéie konnt. Awer nach war et bal schief gaangen well de Grenz Fang den 10. Mee net zou Lëtzebuerg war, oremme knapp der preisescher Vorhut entweiche konnt an eréscht den 11 Mée kuerz virun der Maginotlinn mat sengen Elteren zesumme getraff ass. Et kann é sech net firstellen wat geschitt wär, wann den Ierfgrossherzog, well dat war hien zënter 1939 ~~an der Testamentzeit~~ offiziell, vun de Preisen gefaange, ~~g~~ an als Geisel géingt zeréckkommen vum der Grossherzogin Charlotte verwäert gi wär

Vun elo un huet och fir de Prënz Jhang d'Flüchtlingsliewen ugefaangen, mat alle fir hien a seng Famill, materiellen a psychologeschen Schwierigkeeten. Vun der Villa Libotte zu Lasauvage, duerch Frankräich a Spuenien. Vun do a Portugal a vun wo aus, mat Hëllef vum President Roosevelt, sie all zesummen ~~de~~ Enn Juli 1940 an d'USA gereist sin. Deemols waren d'Vereenegt Staaten nach net mat an de Krich era gezunn a fir hir Neutralitéit net ze verletzen huet d'grossherzoglech Famill sech zu Montreal am Canada a spéider zu London néiergelooss.

De Prënz Jhang huet sech an der Universitéit Laval zu Quebec immatrikuléiere geloss, wo e Jura a politesch Wessenschaften studéiert huet bis hien de 6. Oktober 1942 sech freiwelleg an d'Britesch Armée gemellt huet.

Awer, och ~~politesch~~ um öffentleche Plang war hien aktiv an huet un enger Rei vu Versammlungen deel geholl, ~~an ganz~~ En Haaptzil war ~~et hauptsächlech~~ fir d'lëtzebuergeschen Emigrantekreesen op ~~de~~ d'Leiden an ouserem Land opmierksam ze maachen.

Eso war hien Mett 1942 bei der Lëtzebuerger Kolonie im Staat Minas Gerais a war gaascht bei der Brasilianescher Regierung.

Den 25. August 1942 ass hien zesummen mat senger Famill vum President Roosevelt am Weissen Haus empfange ginn.

Wéi gesot huet hien zesumme mat sengem Papp de Prënz Felix den 6. Oktober 1942 Amerika verlass an ass den 29. November 1942 an d'britesch Armee opgeholl ginn an aus déer am Juni 1947 entlooss.

Dest war eng grouss moralesch a politesch Decisioun. Well just kuerz virdrun den 30ten August 1942 hat de Gauleiter ~~zu Lëtz~~ d'Wehrflicht fir d'Jorgäng 1920 bis 1924 zu Lëtzebuerg agefouert.

Sei freiwellegen Engagement an d'britesch Armee war e Beispill an en Usporn fir all déi Jongen déi sech konnten dem Zougreff vum Preis entzéien an d'Méiglechkeet haten de Wée an eng alliéiert Armee ze fannen

..t war awer och en Zeechen vun en Encouragement fir all déi Le..
vun der Residenz derbäi waren an déi Hab a Gut, Gesondheet a Liewen riskéiert
hun fir Jongen ze verstoppen.

– Looss mir ~~de~~ ~~Kinder~~ emol hei ennerbriechen a bei enger kuerzer Mensch ons
Gedanken an des Zeit vu méi wéi 50 Joer zeréck goe lossen.

In Amerika

Mir hu viru gesot dass den deemolege Prinz Jean a schon als Ierfgrossherzog
~~genannt~~ ernannt den 29 November 1942 als Fräiwellegen an d' britesch Armee opgeholl gouf,
an zwar an d' Kineklech Irisch Garderegiment, stationéiert zou Sandhurst
an Aldershot. Hei krut hien seng Militäresch Ausbildung a gouf den
28 Juli 1943 zum Leitnaunt an den 3. März 1944 zum Oberleitnaunt
ernannt.

Während senger militäreschen Ausbildung hat de Prenz d' Gelegenheet zou
London sein Asaz fir d' Lëtzebuerger Saach erem opgehuelen. Hei hate sech
fo deemols dé legitim Regierungen aus de vun de Preise besate Länner
sech établéiert. Hien huet de Virsetz vun der "Luxembourg Society" iwe..
dée den 18 November 1942 gegrënnt gouf. Iwert BBC krut hien sech dire..
un d' Lëtzebuerger adresséieren. Eso den ~~d~~ 23. Januar, also eisen Natio..
Feierdag, dee mir heiheem an alles Clandestinitéit hu misse begoen
och den 28. Juli 1943, deen Dag wo hien Leitnant bei den Irish G..
genannt gouf.

1984 huet de Grand Duc, wat e fir vun der Teschenzeit gewon, d' Ernenn..
Oberst vun dem Irish Gards Regiment ugeholl. Dest Regiment huet ..
Joeren de Besatzungstruppen an der Bundesrepublik Deitschland u..
Och bis haut ass hien desem Regiment trei bliwen a bei munne..
zu Repelagen kommt a kann en hien mat engem gewesse Stolz a..
ferin. Awer och dem ~~politeschen~~ internationalen politesche Plang h..

Vir Friddle gedroen

De grossen Dag vum 10 Juni 1944, d'Landung vun den alliéerten Arméen an der Normandie ass och de Prenz Jean den 11 Juni mat der Panzerdivisioun vun der "Garde" zou Bayeux ugeland, déi ~~sic~~ direkt un der Schluecht vu Caen bedeelegt war a Caumont Ascheud Bayeux a Vire an Ugreff gaangen ass.
No de Kämpf em d'Frontbrech bei Falaise-Argentan koumen Panzer weider virstossen an déi 32 Brigade, déi de Prenz ugeféiert huet huet den 25. August d'Seine bei Vernon an den 29. August d'Somme bei Amiens iwwerschratt.
Den 1. an 2. September zéie se duerch Arras an Douai a befreien den 3 September Bréissel. Dén aneren Dag huelen d'Irish Gards un de militäresche Feierlechkeeten beim Gräf vum onbekannten Zaldot zou Bréissel deel. Des Divisioun ass awer net op Lëtzebuerg virugestoss mä géigt Osten a stung den 7. September zou Bourg-Léopold um Albert Kanal. Hei krut de Prenz Jean de Befeel bei säi Papp de Prenz Felix zeréck ze kommen a sech un der Befreiung vu Lëtzebuerg ze bedeelegen.
Den 10te September 1944, no 5 Exil Joeren, ass hien nees zou Lëtzebuerg an et gëtt de Kader vun desem Reportage sprengen op all déi glécklech Momenter a Begeeschterungen angezeen, an der Stadt, zou Esch an och bei zou Diddeleng.
No dese glécklechen Deeg muss de Prenz nees zeréck a ~~säi~~ Regiment dat weider ~~Mat~~ un der Ennerwerfung vun de preiseschen Arméen, ~~bedeelegt bleiwt~~, un bedeelegt bleiwt an et kënt bis un d'Elbe no bei Hamburg.
Vun do geet hien awer eréischt zréck op Lëtzebuerg gezeecht an ass derbäi wéi seng Mamm d'Grande Duchesse Charlotte de 14. Abrel 1945 och eréischt hém op Lëtzebuerg kënt.
De 14. Mee 1945 also no Kriichsenn den 8 Mee geet de Prenz vun den Irish ~~Gard~~ Guards of kommandéiert a kënt als Verbindungsoffizéier am Rang vun engem Hauptmann an d'Alliéiert Militärmissioun op Lëtzebuerg.

Fir all Zwangsrekrutéiert war den 8te Mee 1945 zwar de Krich eriwer awer sie woren nach laang net erem doheem.
Déi Leit hei waren ho sech Suerge gemaat an vill ~~méiglech~~ Effort'e si vun den Elteren a de Familjen gemaach gin fir eppes vun hire Kanner gewuer ze ginn a se heem ze kréien. Do an do kummen och grouss Convoient heem, eso déi vun Tambow, vu Bréisel oder Frankfurt. Wann ëmmer wann eso e Convoie annoncéiert war, war och de Prënz Jhang ~~[illegible]~~ bei de Leit derbäi déi op der Gare oft stonnelaang gewaart hun. Eso och de 7. Dezember 1945 wéi de 156 Jongen mam Schnellzuch vu Bréisel, owends um 11 Auer op der Gare ukoumen.
De Prënz huet sech mat all dësen Jongen ënnerhalen an e grousst Verstäendnis gewiesen wann erzielt gouw wat dës Jongen alles erlieft a matgemaach haten.
Den 28 Abrel 1961 gett de Prënz Jhang zum Statthalter vun der Gr. H. Charlotte ernannt
Den 12. November 1964 dankt Grossherzogin Charlott of an domadde gett den Jefgrossherzog Jean Grand Duc vu Lëtzebuerg
Den 23 Juni ~~[illegible]~~, awer, éemols als 23 Januar als Gebuertsdag vun der Grossherzogin, ~~of~~ an de Summer verluecht gett nu an nu ~~den~~ allgemeng als Nationale Feierdag bezeechnet. Och de Grand Duc Jean huet nie drun gedeecht dësen Datum ze verleën, z.B. op de 5 Juni, sei Gebuertsdag, an ech mengen virun allem als Souvenir an Respekt un seng Mamm déi fir ons allegueren eng grouss a veréiert Dame war a bleiwt, soll och dësen Datum vum 23 Juni bestoe bleiwen.

Henri Haecht

Zwé Kinneksknaner